Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 373/20
27 JUIL. 2020
A traiter par:
Copie à:

n° 2582

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2020

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

REÇU
Par AM Christian, 11:57, 24/07/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden:

« Den däitsche Bundesrat huet Ufanks Juli e neit Gesetz iwwert d''Kastenhaltung' vu Schwäin an engem Landwirtschaftsbetrib gebëllegt. Heimat ginn zum Schutz vum Déier nei Dimensiounen definéiert, an deenen d'Sai gehale kënne ginn. Am Sënn vun enger méi aartgerechter Haltung, soll all Schwäin an Zukunft 5m2 zur Verfügung hunn, a si sollen och net méi a Kaste, mee a Gruppe gehale ginn.

Virun deem Hannergrond wollte mir dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen:

- *Wéi ass d''Kastenhaltung' hei zu Lëtzebuerg genee definéiert?*
- *Gëtt d''Kastenhaltung' och zu Lëtzebuerg praktizéiert? Falls jo, wéi vill Betriber notzen des Method?*
- *Wéini a wou ginn déi 'Kasten' agesat?*
- *Entsprécht des Method de Virgabe vun eisen Déiereschutzgesetzer am landwirtschaftleche Beräich?*
- *Wat fir eng Moossname goufen an de leschte Jore geholl fir d'Schwéngsproduktioun am Sënn vum Déierewuel ze verbesseren?*
- *Kéint den Här Landwirtschaftsminister sech virstellen dat neit Gesetz an Däitschland als Inzentiv ze notzen, änlech Gesetzer zu Lëtzebuerg anzeféieren?»*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 24 juillet 2020

Objet : Question parlementaire n° 2582 du 24.07.2020 de Monsieur le Député André Bauler et de Monsieur le Député Gusty Graas - Utilisation de cage de gestation dans l'élevage porcin

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 373/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 31 août 2020

Objet: Question parlementaire n° 2582 des honorables Députés Messieurs André Bauler et Gusty Graas

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 2582 des honorables députés André Bauler et Gusty Graas

Wéi ass d''Kastenhaltung' hei zu Lëtzebuerg genee definéiert?

D''Kastenhaltung' ass eng Hëllef fir d'Sei wärend dem Produktiounszyklus a speziell beim Besamen an am Ufank an zum Schluss vun der Trächtegkeet virun dem géigesäitege Besprange vun den Sei an domat viru Verletzungen ze schützen.

Gëtt d''Kastenhaltung' och zu Lëtzebuerg praktizéiert? Falls jo, wéi vill Betriber notzen dës Method?

Jo, wéi an de meeschte Länner gëtt och 'Kastenhaltung' zu Lëtzebuerg praktizéiert.
Zu Lëtzebuerg si vun de ronn 50 kommerzielle Betriber der 22, déi d'Kastenhaltung notzen.

Wéini a wou ginn déi 'Kasten' agesat?

D''Kasten' gi beim Zäitpunkt vum Besamen vu de Sei genotzt, fir de Sei Rou ze ginn, d.h. sou man wéi méiglech Stress wärend dem Ufank vun der Trächtegkeet ze erméiglechen.

Entsprécht des Method de Virgabe vun eisen Déiereschutzgesetzer am landwirtschaftleche Beräich?

Jo, dës Method entsprécht den Ufuerderunge vun der directive 2008/120/CE du Conseil du 18 décembre 2008 établissant les normes minimales relatives à la protection des porcs.

Wat fir eng Moossname goufen an de leschte Jore geholl, fir d'Schwéngsproduktioun am Sënn vum Déiere Wuel ze verbesseren?

Am Sënn vum Déierewuel gouf d'Direktiv 2008/120/CE du 18 décembre 2008 établissant les normes minimales relatives à la protection des porcs zu Lëtzebuerg ëmgesat. Et ginn um Terrain reegelméisseg Kontrollen duerchgefouert fir ze iwwerpréiwen, ob déi Normen an d'Ufuerderunge vun der Gesetzgebung an de Betriber agehale ginn.

Kéint den Här Landwirtschaftsminister sech virstellen, dat neit Gesetz an Däitschland als Iniatiativ ze notzen, ähnlech Gesetzer zu Lëtzebuerg anzeféieren?

De Landwirtschaftsminister ass ëmmer oppe fir néi Initiativen am Sënn vum Déierewuel. D'Servicer vum Landwirtschaftsministär sinn derbäi ze préiwen, wéi dat neit Gesetz an Däitschland genau ëmgesaat gëtt, an wéi eng eventuell Änneruungen dëst fir d'Haltungsbedingungen hei zu Lëtzebuerg geiff bedeiten.